PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg fir d'Zukunft stäerken. Dat geet nëmmen, wa Lëtzebuerg energiepolitesch esou onofhängeg wéi méiglech ass. Dofir muss virun allem de Staat mam gudde Beispill virgoen. Op Terrainen, déi a Staatshand sinn, muss d'Regierung den Ausbau vun erneierbaren Energië virundreiwen. Am Koalitiounsaccord ass zwar vu grousse Projete rieds, mee et feelt un Detailer. Nom leschte Stand vun eisen Informatiounen (Äntwert op QP n°5500) sinn nëmme 4% vu ronn 1.500 Gebaier vum Staat mat Solaranlagen equipéiert.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng staatlech Gebaier an Terrainen (z.B. Parkingen) sinn aktuell mat enger Solaranlag equipéiert?

2. Op wéi enge staatleche Gebaier an Terraine ginn aktuell Solaranlagen equipéiert?

3. Wéi eng zousätzlech staatlech Gebaier an Terraine sollen elo als éischt mat Solaranlagen equipéiert ginn a bannent wéi vill Méint wäert dat gemaach ginn?

4. Wéi vill Kilowattstonne Stroum ginn aktuell duerch Solaranlagen op staatleche Gebaier an Terraine produzéiert?

5. Wéi vill Kilowattstonne Stroum sollen 2028 duerch Solaranlagen op staatleche Gebaier an Terraine produzéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten